


05. Februar 2022 / 51

Wäert Monitricen, Moniteuren,
Stellvertrieder, Assistenten, wäert Kollegen a Frënn,

Nodeems dat mir am Januar Iech keng Newsletter zoukommen gelooss hunn, sinn hei pur Informatiounen iwwert Reuniounen, wou mir vertrueden waren.

Wëssenstest:

Doduerch dass den FIS I am Laf vum Joer 2021 iwwerschafft gouf, huet den JFA EXE sech mat deenen 4 Zonalen Instrukteren zesummen gesat fir iwwert JFA-Froen vum Wëssenstest (FIS I.1 & FIS I.2) zu kucken. Et sinn Froen ersat ginn an anerer gouf kannerfrëndlech gestalt, soudass firt Wëssenstester am Fréijoer alles nees um aktuellen Stand ass.

INFS:

Den 25. Januar 2022 gouf eis den neien Member Thomas Michels virgestallt. Hien huet sech vir an der nächster Zäit vill virgeholl a wäert den JSP1 kuerz iwwerschaffen a duerno Kuren JSP2 a JSP3 ausschaffen. Memberen vum JFA EXE hunn him hir ganz Ënnerstëtzung zougesot.

Festgehalen gouf och, dass den JFA soll Projeten proposéieren a definéieren, déi dann mam INFS ëmgesat ginn.

Bleift gesond.

**Merci am Numm vum JFA!**


nicolas.grisius@cgdis.lu // Gsm: 661 231068




D'Internetsite echwellechkann.lu ass säit Mee 2021 online, dëst op Lëtzebuergesch a Franséisch. Op dësem Internetsite kënne Jonker ab 12 Joer sech informéieren iwwert Aktivitéiten, Projetsënnerstëtzung an Engagementer, déi vun Organisatiounen/Servicer hei zu Lëtzebuerg ugebuede ginn. Sou solle si Méiglechkeete fannen, aktiv ze sinn an eppes Neies ze erliewen.

## EVENT-KALENNER:

Hutt Dir eng Festivitéit mat Ärer Amicale, Ärem CIS oder soss eng Manifestatioun? Deelt des gären per Mail op **communication@cgdis.lu** mat.

## INFO'EN säitens der DPV (Département des Pompiers volontaires)

Hei sinn Datumer vun deenen nächste Sportstester an Aschreiwung gëtt just iwwert den DPV gemaach → Kontakt Tél: +352 49771 2332 oder **volontariat@cgdis.lu**

| 2022 | | |
|---|---|---|
| Februar | 26.02. | Clervaux |
| März | 26.03. | CNIS |
| April | 30.04. | Itzig |
| Mai | 28.05. | Bascharage |
| Juni | 25.06. | Larochette |
| Juli | 30.07. | Clervaux |
| August | 27.08. | Beckerich |
| September | 24.09. | CNIS |
| Oktober | 29.10. | Itzig |
| November | 26.11. | CNIS |
| Dezember | 17.12. | Bascharage |

**Flott Aktioun aus der Jugendaarbecht:**




Jugendpompjeeën Gemeng Habscht:

Den Freiden, 7ten Januar 2022 haten si hir klengen Krëschtfeier ouni Iessen getraff.


Als Ofschloss ass den Schäffenrot vun der Gemeng Habscht si besichen komm a huet hien flotten Kado iwwerreescht.

CIS Schifflange:

Hei kruten d'Jugendpompjeeën hiren éischten Grade, well si den Wëssenstest a Bronze mat Erfolleg gepackt haten.




CIS Grevenmacher-Mertert: Flotten Fotoen fir de Leit Schéi Feierdeeg ze wënschen.







Op Besuch am Pompjeesmusee “an der Géitz”





Hei d’Ekipp vun de Jugendpompjeeën aus der Gemeng Wëntger mat hiren Betreier.

Jugendpompjeeën vum CIS Berdorf-Bollendorf mat hiren Jugendleeder






Jugendpompjeeën vun de CIS’en Elwen a Weiswampach der Beeforter Äispiste:




< -- >
Jugendpompjeeën CIS Remich beim Léieren fir den Wëssenstest.




**Mir probéieren allegeurten Är Wënsch mat anzebannen ☺!**
**Well Dir eis Newsletter’en bestellen oder ofbestellen (gemäss neiem Date Gesetz), da sot eis Bescheed.**

Newsletter 051 – www.jugendpompjeeen.lu – Ausgabe Februar 2022
nicolas.grisius@cgdis.lu // Gsm: 661 231068